N°2456
Entrée le 15.07.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, a vun der Justizministesch, Elisabeth Margue, op d'parlamentaresch Fro n°2456 vum 13. Juni 2025 vum honorabelen Députéierten Sven Clement zum Sujet "Phénomène du "Pedo-Hunting" au Luxembourg".

1. Kann de Minister detailléiert Informatiounen iwwer déi zwee dokumentéiert Fäll vu "Pedo-Hunting" am Joer 2024 zur Verfügung stellen, dorënner d'Ëmstänn, d'Konsequenze fir d'Täter an d'Mesurë, déi geholl goufen?

Déi zwee dokumentéiert Fäll vu "Pedo-Hunting" aus dem Joer 2024 sinn nach an der Instruktioun an et kënnen deemno keng Detailer iwwert déi Dossieren matgedeelt ginn.

2. Wéi evaluéiert d'Regierung de Risiko vun enger weiderer Ausbreedung vu Vigilante-Aktivitéiten zu Lëtzebuerg, besonnesch ugesiichts vun den Entwécklungen an de Nopeschlänner?
3. Wéi vill Fäll vu Selbstjustiz oder Vigilante-Aktivitéiten (och ausserhalb vum "Pedo-Hunting") goufen an de leschten dräi Joer zu Lëtzebuerg registréiert an a wéi engem Mooss goufen dës Akte juristesch verfollegt?

Der Police sinn zwee Fäll vu "Pedo-Hunting" rapportéiert ginn, déi zu enger Instruktioun gefouert hunn. Weider Fäll vu Selbstjustiz leien der Police net vir. Et ass deemno och op Grond vun 2 isoléierte Fäll an de leschte Joren zu Lëtzebuerg aktuell net ubruecht fir hei am Land vun enger "alarméierender Tendenz" ze schwätzen.

4. Wéi analyséiert de Minister den Zesummenhang tëschent Vigilante-Aktivitéiten a rietsextremen Ideologien, wéi et vun der Deputéiert Bofferding ënnerstrach gouf?

Wat „Pedo-Hunting" betrëfft, kënnt de Phänomen ursprénglech aus dem rietsextreme Milieu, mee et ginn hautdesdaags och Gruppen, déi "Pedo-Hunting" Aktiounen duerchféieren, déi net als rietsextreem klasséiert ginn. Vigilante-Aktivitéite sinn deemno net systematesch mat rietsextremen Ideologië verbonnen, mee dës stellen op Basis vun hirer Verherrlechung vu Gewalt an Haass, an hirer Oflenung vun de Grondprinzipien vun eisem fräiheetlechen, demokratesche Rechtsstaat eng Justifikatioun duer, fir esou e Gewaltakt ze vollzéien an deen zu Propagandazwécken op de soziale Medien ze publizéieren.

Tätergruppéierungen, déi esou Aktivitéiten noginn, egal wéi eng ideologescher Gesënnung se hunn, hunn eng méi héich Gewaltbereetschaft géigeniwwer Persounen a sinn deemno och susceptibel fir "Pedo-Hunting" ze bedraiwen.

5. Wéi vill polizeilech Ressourcë musse fir d'Ënnersichung an d'Verfollgung vu Selbstjustiz-Akten agesat ginn, an a wéi engem Mooss behënnert dëst d'Effektivitéit vun der regulärer Kriminalitéitsbekämpfung?

Et ass schwéier anzeschätze wéi vill Beamten, respektiv Stonnen, fir dësen Typ vun Enquête néideg sinn. Et hänkt zum Beispill dovunner of, wéi vill Leit insgesamt impliziéiert sinn an duerch wei eng Moyenen dës Leit konnten identifizéiert a verhéiert ginn. Heiriwwer gin keng Statistiken gefouert.

D'Ënnersichung an d'Verfollgung vu Selbstjustiz-Akte fält ënnert Kriminalitéitsbekämpfung duerch d'Police a kann deemno net als Behënnerung betruecht ginn. Phänomener änneren sech stänneg an d'Police passt sech stänneg un d'Entwécklung vu kriminelle Phenomener un, fir Bevëlkerung esou effektiv wei méiglech ze schützen an déi ufalend Enquêten duerchzeféieren, wann et zu Strofdote komm ass.

6. Wéi plangt d'Regierung d'Präventioun vu Vigilante-Aktivitéiten ze verstäerken, besonnesch wat d'Opklärung an d'Sensibiliséierung vun der Bevëlkerung ugeet?

Selbstjustiz ass an engem Rechtsstaat net akzeptabel a wäert net toleréiert ginn. Dat huet den Inneminister an der Chamberskommissioun den 11. Juni zum Thema "Pedo-Hunting" betount.

D'Police rifft d'Bierger ëmmer nees dozou op, all kriminell Dot oder Gefor fir eng aner Persoun der Police ze mellen an net op de soziale Medie ze deelen, well doduerch d'Aarbecht an d'Enquête vun der Justiz an der Police gestéiert a verhënnert ginn.

7. Wéi eng konkret Mesuren si geplangt fir d'Online-Aktivitéit vu potenziellen "Pedo-Hunter"-Gruppen ze iwwerwaachen an ze verhënneren, datt se sech zu Lëtzebuerg etabléieren?

De Service évaluation du risque vun der Police suivéiert all Dag Mouvementer a Gruppéierungen déi an de soziale Medien ëffentlech aktiv sinn zesumme mat de verschiddene Servicer vun der Police judiciaire an och mam Geheimdéngscht.

Et ass ugeduecht, d'Online-Verbreedung vum Phänomen ze ënnerbannen a Contenu vum Internet erofzehuelen andeems administrativ Mesuren heifir geschaf ginn. Den DSA (Digital Service Act) huet europawäit eng Dier opgemaach an national wäert e Gesetz déi Méiglechkeeten definéieren an erméiglechen. Dës Prozedur kéint änlech funktionéiere wei déi vum TCO (Terrorism Content Online) wou am Beräich vum Terrorismus elo schonn administrativ Mesure kënne geholl gi fir Contenu aus dem Internet eraus ze huelen. An dem Kontext kéint och d'Bevëlkerung d'Méiglechkeet gebuede kréien de Contenu ze melle bei engem Trusted Flagger, dem Service Provider oder och bei der Police.

8. A wéi enger Form kooperéiert d'Police mat internationale Partner, fir d'grenziwwerschreidend Tendenz vu Vigilante-Gruppen ze bekämpfen?

D'Police huet eng gutt Zesummenaarbecht mat internationale Partner-Staaten an tauscht Informatiounen zu méiglechе Strofdoten aus. Doduerch konnt Lëtzebuerg, am Kader vun enger lafender Enquête, engem Partner-Staat schon emol e weideren (an deem Land nach net bekannten) Fait zu enger Strofdoot matdeelen duerch eng Dénonciatioun iwwert Justizautoritéiten.

Organisatioune wéi Europol schaffe strategesch Rapporten zu neie Phänomener aus, fir all EU-Memberstaaten op de selwechte Wëssensstand ze bréngen.

9. Wéi eng juristesch Instrumenter stinn zur Verfügung, fir géint Leit ze handelen, déi falsch Beschëllegungen online verbreeden oder online "Stings" organiséieren?

De Code pénal gesäit eng Réi vun Dispositioune vir, déi esou ee Verhalen, sief et am ëffentleche wéi och private Raum, sanktionéieren. D'Artikele 443 a follgend sanktionéiere Verhale wéi Beleidegungen, béiswëlleg Denonciatiounen oder nach Diffamatiounen. Doriwwer eraus kënne jee no de Begebenheeten

och weider Infraktiounen zréckbehale ginn. Esou kann dat selwecht Verhale wéinst virsätzlecher Kierperverletzung oder Erpressung bestrooft ginn. All Fall muss eenzel gekuckt an analyséiert ginn, fir dass di strofrechtlech Äntwert op d'Gravitéit vun der Handlung oder vum Verhalen ausgeriicht gëtt.

10. Wéi plangt d'Regierung d'Vertrauen an d'Fäegkeete vum Rechtssystem ze stäerken, fir de grondsätzleche Motiv fir Vigilante-Aktivitéiten ze reduzéieren?

D'Motiver vun den Täter bei illegale Vigilante-Aktivitéite si méi villsäiteg. Wéi schonns beschriwwen, kënnen z.B. rietsextrem Ideologien eng Justifikatioun duerstellen.

Zu Lëtzebuerg gëtt et am europaësche Verglach e grousst Vertraue vun de Bierger an d'Justiz an an d'Police. Fir dëst Vertrauen ze erhalen, wäert d'Regierung der Police an der Justiz weider déi néideg Moyene ginn, fir effikass géint d'Kriminalitéit virzegoen, wourënner och Selbstjustizakte falen, an d'penal Prozedure beschleunegen. Och hunn d'Justizautoritéiten annoncéiert, souwäit et hinne méiglech ass, méi oft iwwer hir Enquêten an hir Aarbecht an der Ëffentlechkeet ze kommunizéieren. D'Police mécht dat haut schonns verstäerkt, an och biergerno Initiative wéi d'Police locale oder den "Op e Kaffi mat der Police" sinn hei wichteg. All dëst dréit zu méi Vertraue bäi, an dozou datt d'Bierger gesinn, datt eise Rechtsstaat an der Lag ass Verbrieche konsequent ze bekämpfen an d'Mënschen hei am Land ze schützen.

Lëtzebuerg, de 15. Juli 2025
Den Inneminister
(s.) Léon Gloden